N°4124
Entrée le 15.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n° 4124 du 20 mai 2026 de l'honorable député Marc Goergen au sujet de la Cybersécurité du réseau électrique**

**1. Wéi bewäert d'Regierung d'Risiken, déi am BSI-Rapport fir ëffentlech Luetinfrastrukturen identifizéiert goufen, am Kontext vum Lëtzebuerger Netz?**

D'Regierung huet sech d'Resultater aus dem Rapport vum Bundesamt für Sicherheit in der Informationstechnik aus Däitschland analyséiert. De Rapport confirméiert, datt déi ëffentlech zougänglech Luedinfrastruktur eng komplex an interconnectéiert Systemlandschaft duerstellt, an där verschidde potentiell Schwaachstelle existéieren, besonnesch bei Kommunikatiounsprotokoller, Software-Implementatiounen an der Verwaltung vun Zertifikater.

**2. Wéi eng IT-Sécherheetsufuerderunge gëlle fir ëffentlech Luetstatiounen zu Lëtzebuerg, notamment am Beräich vun der Verschlësselung, Authentifikatioun an der Kommunikatioun mat Backend-Systemer?**

Zu Lëtzebuerg gëlle fir ëffentlech Luedstatiounen europäesch Normen, besonnesch déi aus der Annex II vum Reglement 2023/1804 iwwer den Ausbau vun der Infrastruktur fir alternativ Kraaftstoffer. Et ass ënner anerem virgesinn, datt d'Kommunikatioun tëscht dem Gefier an dem Luedpunkt konform mat der ISO-Norm 15118-2 muss sinn. Dës Norm reegelt virun allem d'Kommunikatioun tëscht Gefier a Luedstatioun. Zousätzlech muss d'Kommunikatioun tëscht dem Luedpunkt an dem Backend (z. B. iwwert OCPP – Open Charge Point Protocol) verschlësselt sinn an op enger Public-Key-Infrastruktur (PKI) opbauen. Doduerch ginn eng staark Authentifikatioun an d'Integritéit vun den Donnéeë garantéiert.

Um europäeschen Niveau ginn et zousätzlech Aarbechtsgruppen, déi permanent dru schaffen, fir ënner anerem Sécherheetsufuerderunge weider ze entwéckelen an entspriechend Standarden obligatoresch ze maachen, fir eng sécher, europawäit Luedinfrastruktur ze garantéieren. Ab dem 1. Januar 2027 muss all neien oder ersate Luedpunkt, egal ob privat oder ëffentlech zougänglech, och der Spezifikatioun ISO 15118-20 entspriechen. Dës bréngt ënner anerem Verbesserungen am Beräich vun der IT-Sécherheet mat sech. Zousätzlech mussen d'Bedreiwer vu Luedstatiounen am Kader vun der NIS2-Direktiv adequat Sécherheetsmoossnamen ëmsetzen (z. B. Risk-Management, Incident-Reporting, asw.).

**3. Goufen zu Lëtzebuerg schonn IT-Sécherheetsauditen, wéi dee vum BSI, bei ëffentleche Luetstatiounen duerchgefouert, a falls jo, mat wéi engen Haaptresultater?**

Am Beräich vun IT-Sécherheetsufuerderunge läit et souwuel fir ëffentlech zougänglech wéi och fir privat Luedinfrastrukturen an der Responsabilitéit vun de jeeweilege Bedreiwer an Hiersteller vun de Luedbornen, déi néideg Sécherheetsmesuren ëmzesetzen.

Am Kader vun der ëffentlecher Luedinfrastruktur « Chargy » an « SuperChargy » goufen duerch de Concessionnaire, a virdrun d'Stroumnetzbedreiwer, eng Rei vu Sécherheetsmesuren ëmgesat. Dorënner falen ënner anerem Penetratiounstester vum Backend (rezent am Joer 2025), d'Automatisatioun vun der Iwwerwaachung vun Accès- a Systemlogs, souwéi eng kontinuéierlech Iwwerwaachung vu bekannte Sécherheetslacunnen. Zousätzlech gouf eng geséchert Kommunikatioun per APN mat de Luedstatiounen ëmgesat. Fir d'Zukunft sinn, laut Concessionnaire, weider Moossname geplangt: en neie Penetratiounstest bis Enn 2026,

d'Aféierung vun zousätzleche Sécherheetskomponente fir den Accès zum Backend (Web Application Firewall), en Ausbau vum Monitoring an d'Finaliséierung vun de Prozesser am Kader vun der NIS2-Konformitéit.

**4. Wéi gëtt verhënnert, datt ëffentlech Luetinfrastrukturen net fir Attacken op aner kritesch Infrastrukture benotzt kënne ginn, notamment op d'Stroumnetz?**

Fir ze verhënneren, datt ëffentlech Luedinfrastrukturen fir Attacken op aner kritesch Infrastrukturen, wéi d'Stroumnetz, ausgenotzt kënne ginn, gëtt op eng kohärent Kombinatioun vun techneschen an organisatoresche Moossname gesat. Wéi an der Äntwert op d'Fro 2 erkläert, stellen europäesch Normen a reegelbaséiert Sécherheetsufuerderungen d'Grondlag, besonnesch am Beräich vun der sécherer Kommunikatioun, der Authentifikatioun an der Integritéit vun den Donnéeën. Dës Ufuerderunge ginn duerch eng kloer Trennung vun de Systemer, eng konsequent Verschlësselung vun der Kommunikatioun an eng adequat Iwwerwaachung vun den Netzwierker ergänzt, am Aklang mat de Bestëmmunge vun der uewen ernimmter NIS2-Direktiv, déi och fir déi aner Acteuren am Stroumsecteur gëllen.

Luxembourg, le 15/06/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles